N° 6232
Reçue le 07.06.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Direction de la Défense

**Äntwert vum Verdeedegungsminister op d'parlamentaresch Fro n° 6232 vum 20. Mee 2022 vun den honorabelen Deputéierten Gusty Graas an André Bauler**

Zu de Froen 1 an 2:

Nee, d'Informatioun dass de „Bureau de recrutement et d'information" vun der Arméi an noer Zukunft soll zougemaach gi kann ech net bestätegen.

Zu Fro 3:

Nee, et ass net geplangt fir en neie Büro op enger anerer Plaz opzemaachen.

Zur Fro 4:

D'Arméi mécht all Joer Rekrutéierungscampagnen. D'Virlag fir dat neit Militärgesetz, dat leschte Summer an der Chamber deposéiert gouf, gesäit d'Aféiere vun neie militäresche Karriären an den Traitementsgruppen A2 a B1 vir. D'Akraafttriede vun deem Gesetz wäert Ulooss fir eng cibléiert Campagne bei de Primaner an de Studente mat engem Bachelordiplom ginn.

Lëtzebuerg, den 3. Juni 2022

(s.) François Bausch
Verdeedegungsminister